

Formationen 2016/2017

Datum	Brevet	Thema	Description
15.10.2016	B/C	Entwicklungsphasen an Besoinen vun 4-7 Joer	Mir kucken eis un wat déi spezifesch Entwicklungsstufen vun de Kanner tëscht 4-7 Joer sinn, sou dass mer en bessert Verständnes vun hirem Verhalten an hiren Bedierfnisser an enger Kolonie kréien. Dono gesi mer dann wei mer deenen Bedierfnisser an enger Kolonie kënnen gerecht ginn an wéi mer d'Verhalten lenken kënnen an Aktivitéiten an Situatiounen altersgerecht gestalten kënnen. An deem Kader ginn mer och folgend Froen un: Wat fir Grenzen a Regeln sinn wichteg an wie kann een déi am beschten vermëttelen an liewen? Wat kann een zu enger positiver Gruppendynamik bäidroen? Wat fir altersspezifesch Erausforderungen kënnen optrieden an wie kann een hinnen begéinen?
22.10.2016	Infodag	Meet and Greet	Du wëlls dech gärén sozial engagéieren, weess awer net wou? Weess du wat d'Rout Kräiz ass? Neen? Dann komm op onsen MEET & GREET vum Jugendroutkräiz! Dësen Dag ass däin 1. Schratt um Wee an die weltwäit Bewegung vum Roude Kräiz. Hei hues du d' 'Méiglechkeet d'Roud Kräiz an méi speziell d'Jugendroutkräiz mat all sengen Facetten kennen ze leieren. Du kriss Informatiounen an kanns och all deng Froen stellen. Owes kanns du dann och bei engem relaxen lessen die Aal Jugendroutkräizler besser kennen leieren. Dësen Dag ass obligatoresch fir all Jonken deen sech beim Jugendroutkräiz well engagéieren.
29.10-5.11.2016	B	Formatiounswoch Aide-Animateur	An dëser Woch léiers du wat d'Liewen am Grupp ass. Aktivitéiten ginn zesummen geplangt an gespillt. Dat ass eng Aart "Drëchenübung", wou mir Situatiounen, deenen sech en Animateur stellen muss gemeinsam erliewen, an duerno och driwwer diskutéieren kënnen. All Froen déi an der Woch opkommen probéieren mir donieft och nach ze beäntweren.

12/13.11.2016	B/C	Verhaltensoriginell Kanner	ADHS? Hyperaktivitéit? Mäin Kand dach net! Als Moniteur steet een oft viru Situatiounen wou ee keen Auswee méi weess wann e Kand ausflippt. Wéi kann ech an dëser Situatioun reagéieren? Gett et iwwerhaupt en „geheim Rezept“ fir op des „verhaalsoriginell“ Kanner ze reagéieren? Op des an nach vill aner Froen probéieren mir an dëser Formatioun Äntwerten ze fannen.
17.12.2016	B/C	Entwicklungsphasen an Besoinen vun 8-12 Joer	Mir kucken eis un wat déi spezifesch Entwicklungstufen vun de Kanner tëscht 8-12 Joer sinn, sou dass mer en bessert Verständnes vun hirem Verhalen an hiren Bedierfnisser an enger Kolonie kréien. Dono gesi mer dann wei mer deenen Bedierfnisser an enger Kolonie kënnen gerecht ginn an wéi mer d'Verhalen lenken kënnen an Aktivitéiten an Situatiounen altersgerecht gestalten kënnen. An deem Kader ginn mer och folgend Froen un: Wat fir Grenzen a Regeln sinn wichteg an wie kann een déi am beschten vermëttelen an liewen? Wat kann een zu enger positiver Gruppendynamik bäidroen? Wat fir altersspezifesch Erausforderungen kënnen optrieden an wie kann een hinnen begéinen?
21/22.1.2017	B/C	Spill Mat	Gesellschaftsspiller? Mensch ärgere dich nicht a Co? Oh méi, wei langweileg! An dëser Formatioun probéiere mer dir ze weise wei eng Gesellschaftsspiller et gi fir wei en Alter vu Kanner a Jugendlech. Wei kann ech en Gesellschaftspill méi attraktiv maache fir beim Kannergrupp Interesse dorun ze kréien. An awer och a wei enge Situatiounen kann ech wei ee Gesellschaftspill asetzen? Altersgrenz: 15 – 99 Joer!
28/29.1.2017	B/C	Téitschen a Schrëpsen	"Aua, ech sinn an eng Muschel getrëppelt" Upps, an wat maachen ech elo als Moniteur an dëser Situatioun? Wou ass meng 1 Hëllef Trousse? Hëllef!!! Sou an och aner Situatiounen kommen op een duer wann een mat Kanner an Jugendlech op d'Plage geet oder soss aner Aktivitéiten op aner Platzen duerchféiert! Op dësem Weekend kennen mir zwar keen 1 hëllef Cours vun A - Z duerchféieren, mee déi Grondkenntnisser déi an enger Kolonie erfuedert ginn wëllen mer der weisen datts du kann reagéieren ouni mussen no Hëllef ze ruffen!
4.2.2017	Infodag	Meet and Greet	Du wëlls dech gären sozial engagéieren, weess awer net wou? Weess du wat d'Rout Kräiz ass? Neen? Dann komm op onsen MEET & GREET vum Jugendroutkräiz! Dësen Dag ass d'äin 1. Schratt um Wee an die weltwäit Bewegung vum Roude Kräiz. Hei hues du d' 'Méiglechkeet d'Roud Kräiz an méi speziell d'Jugendroutkräiz mat all sengen Facetten kennen ze leieren. Du kriss Informatiounen an kanns och all deng Froen stellen.

			Owes kanns du dann och bei engem relaxen lessen die Aal Jugendroutkräizler besser kennen leieren. Dësen Dag ass obligatoresch fir all Jonken deen sech beim Jugendroutkräiz well engagéieren.
11.3.2017	B/C	Entwicklungsphasen an Besoinen vun 13-17 Joer	Mir kucken eis un wat déi spezifesch Entwicklungsstufen vun de Jugendlechen tëscht 13-17 Joer sinn, sou dass mer en bessert Verständnes vun hirem Verhalen an hiren Bedierfnisser an enger Kolonie kréien. Dono gesi mer dann wei mer deenen Bedierfnisser an enger Kolonie kënnen gerecht ginn an wéi mer d'Verhalen lenken kënnen an Aktivitéiten an Situatiounen altersgerecht gestalten kënnen. An deem Kader ginn mer och folgend Froen un: Wat fir Grenzen a Regeln sinn wichteg an wie kann een déi am beschten vermëttelen an liewen? Wat kann een zu enger positiver Gruppendynamik bäidroen? Wat fir altersspezifesch Erausforderungen kënnen optrieden an wie kann een hinnen begéinen?
4.3.2017	D	Fels in der Brandung (Brevet D)	Dësen Weekend ass den 1. Deel vun eiser Spezialisatioun: Teambuilding an Stressmanagement. Eent vun de Grondbedierfnesser vum Mënsch an ganz besonnesch vum Kand ass d 'Sécherheet, an ween kann an enger Kolonie besser Sécherheet vermëttelen wie een Moniteur/eng Monitrice deen/die d'Rouh bewahrt? Op dësem Dag gesi mer, wéi dir schonn Wochen virun enger Kolonie iech optimal virbereeden kënnt, fir Stresssituatiounen gutt gewappnet ze begéinen. Dir léiert och är eegen Stressausléiser, -verstärker an -reaktiounen besser kennen an kritt Techniken an Methoden mat op de Wee fir souwuel präventiv, wie och an der Situatioun selwer den Stresspegel ze senken, respektiv tëschenduerch och nees Energie an Kraaft ze tanken. Gläichzäiteg gesi mer wéi der mat verschiddenen vun deenen Techniken och de Kanner a Jugendlechen hëllefen kënnt.
25.3.2017	B/C	Spiller an Sëcherheet beim Schwammen	"Mir ginn schwammen!", eng Saach déi den Kanner ëmmer gefällt. Mee d'Waasser bréngt och Geforen mat sech an dorop probéieren mir eis sou gutt wéi méiglech virzubereeden.
1/2.4.2017	B/C	Medienweekend	Facebook, Whatsapp, Instagram, Snapchat, Cloud, Internet sinn sëllegen Nimm op déi een permanent stéisst oder mat deenen een vläit eventuell ze dinn huet. Mais wéieng Virdeeler an Nodeeler bréngen mir des sougenannten Social Networks, Apps, Internet(portaler) an modern Medien wéi Musek, Film an Video ? Wéi kann ech se beschtméiglechst fir mech selwer an méiglecherweis souguer fir flott Aktivitéiten an enger Kolonie benotzen ?

			Des an nach vill weider Froen sollen um neien Medienweekend beäntwert ginn deen sech mat den modernen Medien an der aktueller Technik ausernee setzt.
8.-15.4.2017	B	Formatiounswoch Aide-Animateur	An dëser Woch léiers du wat d'Liewen am Grupp ass. Aktivitéiten ginn zesummen geplangt an gespillt. Dat ass eng Aart "Drëchenübung", wou mir Situatiounen, deenen sech en Animateur stellen muss gemeinsam erliewen, an duerno och driwwer diskutéieren kënnen. All Froen déi an der Woch opkommen probéieren mir donieft och nach ze beäntweren.
8.-15.4.2017	C	Formatiounswoch Animateur	Beim Animateur léiers du méi iwwert dech selwer kennen, et gëtt reflektéiert iwwert deng eegen Erfahrungen aus den Kolonien, wou 's du schonn als Moniteur matgemaach hues. Et ginn awer och nach aner Themen behandelt, wéi z.b. Konfliktléisung, Gruppendynamik an Kommunikatioun. Ons Formatiounswoch Brevet C ass ganz praxisorientéiert, ons Stagiären schaffen déi eenzel Thematiken selwer aus an diskutéieren duerno iwwert déi eenzel Phasen déi si hei selwer duerchlieft hunn.
13/14.5.2017	B/C	E Kand ewéi en anert	Un den Vakanzen vum lëtzebuerger Jugendroutkräiz huelen gläicher Moossen behënnert an nët behënnert Kanner deel. Mee wat ass dat iwwerhaupt, eng Behënnerung? Wat fir eng Formen vun Behënnerung gëtt et, an wéi encadréieren mir dës Kanner, fir dat hier Vakanz genau sou flott gëtt wéi fir eis all? Op dës Froen, an op honnert aner, sichen mir Äntwerten op dësem Weekend.
1/2.7.2017	D	Teamgeescht an Teambuilding	Dësen Weekend ass den 2. Deel vun eiser Spezialisatioun: Teambuilding an Stressmanagement. Een Team sinn, wat heescht dat an wat bréngt dat alles mat sech? Genau déi Froen ginn op dësem Weekend, deen ganz praxisorientéiert ass gekläert.